



**Äntwert vun der Ministesch fir Famill- an Integratioun op d'parlamentaresch Fro n°5804
vum Här Deputéierte Fernand Kartheiser iwwert d'Wanteraktioun**

1)

D'Wanteraktioun (WAK) ass eng humanitär Aktioun déi verhënnert datt obdachlos Persounen am Wanter op der Strooss erfréieren. An deem Sënn gëtt och all Persoun an der Wanteraktioun opgeholl, déi sech presentéiert.

D'sozioedukativ Ekipp huet als Missioun d'Persounen, déi eng Begleedung an Usproch wëllen huelen, bei déi verschidden existéierend Servicer ze orientéieren. Net all Persoun, déi zu engem Ament vun hirem Liewensparcours op d'Wanteraktioun zréckgräift, sicht oder brauch eng sozial Begleedung. Deementspriedend ass net all Liewensparcours vun de Beneficiairë vun der WAK bekannt, weder zënter wéini si zu Lëtzebuerg sinn, nach wéi laang si sech op dem lëtzebuergeschen Territoire wäerten ophalen.

Eis Statistiken ginn keen Opschluss doruwwer wéi laang d'Leit schonn zu Lëtzebuerg sinn oder bleiwen. Dës Donnée gëtt net erhuewen.

2)

D'Wanteraktioun ass fir all obdachlos Persoun zougänglech, mee d'Persoun entscheet selwer ob si wëll dohinner goen oder net. Et ginn eng Rei perséinlech Grënn, déi derzou féieren, datt eng Persoun d'Offer net unhuele wëll. Zum Beispill kéint de Fait, an engem Dortoire ze schlofen, fir verschidde Leit ofschreckend sinn. Anerer sinn net averstane mat de Reegelen, un déi een sech als Beneficiaire muss halen.

3)

D'Beneficiairë vun der WAK hunn all Dag Accès op Duschen, adaptéiert Sanitäsariichtungen, a kréien och Kleeder a Schong ugebueden. D'Läindicher ginn all Dag gewäsch a frësch opgezunn. Eng Botzfirma këmmert sech dagdeeglech ëm den Nettoyage bannen a bausse vum Gebai. Wat d'Nuetsrou an d'Sécherheet ugeet, ginn déi vun de Sécherheetsbeamte garantéiert, déi 24/24 a 7/7 um Site sinn.

D'Wanteraktioun gouf 2001 an d'Liewe geruff, a gëtt säitdeem järelech organiséiert. All d'Acteure vum Terrain, sief et d'Streetwork Servicer, d'Partner déi am Beräich vun der Obdachlosegkeet schaffen, plus d'Spideeler, d'Foyeren an d'Police ginn informéiert iwwer eventuell Adaptatiounen a kréien all Joer ee neie Flyer mat den néidegen Informatiounen.



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Famille, de l'Intégration
et à la Grande Région

D'Streetworker beméien sech all Persoun, déi si am Wanter op der Strooss begéinen, iwwert d'Wanteraktioun ze informéieren. Si maache regelméisseg Ronnen an den Hauptquartiere an deenen sech obdachlos Leit kéinte befannen, fir datt keng obdachlos Persoun vergiess gëtt. D'Flyere ginn och op der Gare opgehaange mat der Adress, dem Horaire an den Transportinformatiounen.

Letzebuerg, den 21.03.2022

D'Ministesch fir Famill- an Integratioun

(s.) Corinne Cahen